

# GESTUERW FIR D'HÉMECHT

**DE' 6 WELTZER MARTYRER BEIM STREIK VUM 31. 8. 1942**

1945
N° 203

# GESTUERW FIR D'HEMECHT

## DE' SECHS WELTZER MÄRTYRER
## BEIM STREIK VUM 31. AUGUST 1942

NO TATSACHEN ZESUMMEGESTALLT
VUM
JOSS THEIN

1945
ST. PAULUS-DRËCKEREI, ETZEBURG

# Le nom du martyre

La date du 2 septembre 1942 émergera dans notre histoire comme un sommet de montagne. Plus le temps s'éloigne, plus la majesté de l'événement régnera sur cette période sombre et tragique. Et nos coeurs resteront orientés vers ce 2 septembre où sont morts les premiers martyrs de Wiltz, avant-garde de la légion de la révolte contre le crime allemand.

L'âpre cité des Ardennes a le droit de commémorer la première le souvenir glorieux des sanglantes journées. Le Gouvernement et le pays entier s'unissent à elle dans l'admiration et la piété comme ils étaient unis à elle dans l'angoisse et la terreur devant les affiches de mort.

D'autres racontent dans ces pages la suite des événements historiques, essayons ici d'en dégager le sens national et la portée morale.

Les martyrs de Wiltz sont morts d'une mort symbolique et exemplaire. Que savons-nous des faits qui l'ont accompagnée? Qui a vu le cortège lugubre partant des baraques noires de Hinzert, vers la sombre sapinière qui les borde? Qui a entendu résonner la salve meurtrière pendant ces nuits d'angoisse où Dieu lui-même semblait absent de l'univers, où Satan seul semblait régner sur les hommes.


Maintenant que c'est fini, et que la horde de criminels est en fuite, nous pouvons librement consacrer nos pensées et nos gestes de piété aux premières victimes de la grève de 1942. Nous pouvons faire en sorte qu'ils renaissent à la vie, qu'ils redeviennent vivants parmi nous comme le sont ceux qui ont accompli une oeuvre de la pensée ou de l'art ou de l'héroïsme.

Le sens national de leur mort apparaît lorsque nous posons la question qui nous a souvent hantés: Que serait devenu le pays sans la grève et la révolte de septembre? Que serait-il devenu si pour épargner les hécatombes sanglantes le peuple avait continué à ployer la nuque et à ruminer sourdement sa colère et sa honte sans nom? Des promotions entières auraient été broyées par la machine de guerre allemande!

L'audace impudente du bourreau se serait donné carrière librement et ses sophismes l'auraient soutenue de l'apparente soumission du peuple. Les fusillades de septembre lui ont arraché le masque et ont



MICHEL WORRÉ



NICOLAS MÜLLER





CHARLES MEIERS



CELESTIN LOMMEL





ALFRED BRÜCK



JOSEPH EWEN



## Spiegelbild

'T ass net eso' vun ongefe'er, datt Woltz an dene vergângene ve'er Bluddjoer „d'Stádt vun de Märtyrer" gin ass. D'Hâptstâdt vun den Ardennen war vun ëmmerhier un hir Freihet an un de' vun der Hemecht attache'ert.

Scho virun ongefe'er 600 Joer huet de Schlaßhär der Uertschaft e Freihetsbre'f gin. D'Schrëftstëck, dat bei engem gro'ße Feier verbrannt ass, go'w 1437 erneiert. D'Uertschaft war eng Freihet an hat dordurch fir de' Zeit bedeitend Virdèler. Freien Aus- an Agank, kierperlech Freihet, Gemengerôt, Burgermèschter, Mârtrecht, Gemengebëscher, Bîrgerland, Handwierks-Brudderschâften, dat waren d'ganzt Mëttelalter durech Begrëffer, un de' Woltz net huet tippe lossen, Rechter, de' et ëm all Preis verdedegt hätt.

D'franse'sch Revolutio'n ko'm a wollt e Force-regime afe'eren. Zu gudder Lescht sollten d'Jongen an de Krich, an enger friemer Uniform. Op è Schlâg sin d'Patrioten opgesprong, och de' Weltzer. Sie hun net lâng nogerechent, ob sie zueleme'sseg a materiell der Sâch gewueß wären. Hir Kugelen hun d'Äntwert gin. Un der Spëtzt eis Weltzer. We' de Capitaine Morse d'Stâdt Woltz wollt ausplönneren, hun d'Leit, eso'guer d'Fraleit, d'Zaldote niddergemèt. D'Weltzer Kompanie vun de Klöppelmänner gong 1798 op Clierf an huet sech an der Bataljen am De'regârd an ëmt d'Schlaß ervirgedun. Zwe' vun hire beschten, de Fox an de Steinborn, sin do gefall.

1830 huet Woltz ge'nt de Regim vum Wëllem I. proteste'ert. Den 19. Oktober 1830 huet d'Régence vu Woltz éstëmmeg beschloß, „tant en son nom qu'à celui de ses administrés, d'adhérer au gouvernement provisoire de la Belgique et de participer au sort de tous les Belges, comme on a pris part à leur malheur et à leur gloire" (also Oppositio'n ge'nt d'Holländer).

1848, we' et sech drëm gehandelt huet, d'politisch Emanzipatio'n ze kreien, war Woltz erëm um Dill. An enger öffentlecher Versammlung am Lannepesch go'fen 3 Delege'erte genannt, fir e Schreiwes un de Kineck opzesetzen, an dem de Weltzer hir Virschle' niddergeluegt go'fen.

Am selwe Jor 1848, we' verschidde Leid an Zeitunge gemengt hun, Letzeburg kënnt Depute'erten op Frankfurt schecken, hun 200 Weltzer Männer an engem Protestschreiwen un d'Nationalversammlung zu Letzeburg geschriw: „Deutschland war und ist unser Vaterland nicht, Luxemburg allein ist unser Vaterland und soll es auch bleiben, deswegen ist es ganz und gar unrecht, daß unser Vaterland durch Deputierte in ein fremdes eingeschränkt werden soll. Die mächtige Stimme des Volkes muß anerkannt werden, und sie zielt nicht dahin, wo Sie hin wollen."

An de Jore nom leschte Krich go'f Woltz en aktiven Center vun der Nationalunio'n, de' de Siggy vu Letzeburg opgerîcht hat.

## V. D. B.

Et kënnt den 10. Mè, den 2. an den 13. August 1940. Dat, wat ufangs ent stengent Gesîcht, eng kal Schëller war, steipt sech als Widderstand entge'nt. D'Versammlungen zu Woltz gi richteg Katastrophen. D'preisesch Polizei muß geruff gi, fir d'eidel Bänken ze fëllen, D'Dräen, d'Ble'melen, d'Fluchen, d'Schwätzen, alles ass ëmsoss: d'Bewegung ass a bleiwt eng Fehlgeburt.

Losse mir de Rescht vum Terror iwergoen, an eis mat déne Männer beschäftegen, de' 2 Joer derno hirt Bludd fir hir Ideale gin.

An de Versammlungen, mat déne Woltz vum September 1940 un bombarde'ert gët, fällt et geschwënn op, datt d'Scho'lmeschtere systematisch ewegbleiwen. Schließlech dréen d'Riedner mat den 30 Kilo Gepäck an der Deportatio'n no Südfrankreich. D'Scho'lmeschtere gin opgesicht, op der Strôß ugehal, kreie gesot, de Kreisleiter wär an der Lûcht iwert sie — — sie bleiwen daf.

Den Oktober kënnt, d'Beamtesperr gët dekrete'ert, — vun de Weltzer Le'erperso'nen ass nach kèn an der VdB. De preiseschen Unterrichtsminister kënnt op Letzeburg, wo' de Gauleiter an der Versammlung him muss agestoen: „Eine große Lücke klafft noch in der Luxemburger Lehrerschaft. 75% sind nicht in der VdB." Op der Place d'Armes kreien de' Weltzer Virwërf gemèt, datt sie sech net gemellt hätten. „Dir hutt den Anschluss verpasst," a. e. v. De' Weltzer ze'en



un der Peif, werfen hir Zigarett eweg, beißen op d'Zänn an . . . dre'ne sech ëm.

E gudden Dag kommen zwe' Gestapo bei den Ewen a froen hie, fir Spitzel vun der Gestapo ze spillen. „Sie werden jedes unbedachte Wort, jede dumme Äußerung, die Ihre Kollegen tun, an uns melden." De' zwe' si vum Scho'lmeschter D. gescheckt. Den Ewen ass paff. E refuse'ert. D'Gestapo drèt, sie ke'm e sichen, wann en engem Mënsch e Pippcheswîrtche ge'f soen. Ma 10 Minutten duerno averte'ert de Joss seng Kollegen a mecht se op de' Geforen opmierksam.

Am Februar 1941 sin d'Scho'lmeschteren an eng Versammlung an de Café Wilmes geruff, wo' den Ortsgruppenleiter an de Kreisamtsleiter Kubick se dirëngele, fir en Hakekreizfendel ze kafen. Sie mâche, we' wa s'et net giffen he'eren, a we' se denken, d'Gefor wär eriwer, gin der 6 hèm. Ma den Ortsgruppeleiter hëlt et annuecht a rifft: „Huel Dir da kè Fendel?" Den Ewen, als leschten an der Rei, äntwert: „Mir wârden nach." „Ah eso'," jeitzt den Ortsgruppeleiter, „dir wöllt wârde bis d'Engländer hei sin!" De' sechs si fort, ma du gèt et am Sall lass. „Sind das die Wiltzer Lehrer? Und die wollen Erzieher sein! Ist dies das Beispiel, das sie geben? Für morgen abend werden sie vorgeladen."

Vun do un si sie an de Gielen hiren An erledigt. Vun dem Dag un lèft och de' gro'ß Uschmiererei, de' sech net gët, bis der ve'er erschoß sin.

De nächsten Owend gin de' 6 gudd verbotzt an erëm gefrot, ob sie e Fendel wëllten. Um Enn kann den Ewen sech net me' halen: „Eine Fahne, das ist nicht irgend ein Fetzen Tuch, den man wechselt wie ein Hemd. Eine Fahne ist doch ein Bekenntnis. Wir haben die unsrige heilig gehalten, und jetzt sollen wir eine andere verehren. Wie können Sie das von uns verlangen?" Beim Hemgoe set en: „Ah kuck, ech hätt jo elo ké Fendel geholl, a wann et mir fir de Kapp gânge wär."

Am Summer 1941 gin d'Le'erperso'ne vum Kubick zesummegeruff a kreien hir Sënde virgeluegt: Sie droe keng Spengel, mâchen de Gro'ß net, sin deutschfeindlich, gin net mat vir, gin zevill an d'Kirech, hale sech vun der VdB ewëg, a. e. v. En drèt hinne mat Afsetzung.

Och de' zwe' Gemengenemployéen Müller a Worré behuele sech als Letzeburger.

Den 2. Dezember 1940 frèt de Kommissar vum Kreis Dikrich bei der Gestapo un, sie soll de Sekretär Müller „politisch und staatspolizeilich überprüfen". Den 23. Mè 1941 kënnt eng „streng vertraulich" Äntwert:

Der Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg
Sonderbeauftragter für Personalangelegenheiten Bg/G 2250

Luxemburg, den 23. 5. 1941
Auf dem Graben 1.

Streng vertraulich

An den Herrn Landrat des Kreises Diekirch
D i e k i r c h.

Betr.: Politische Beurteilung des Nikolaus M ü l l e r, geb. am 7. 12. 1893, WILTZ, Gemeindesekretär.

Ihr Schreiben vom 9. 10. 40 L. I. a.

Gegen den oben Genannten bestehen z. Zt. noch gewisse Bedenken politischer Art. Seiner Weiterbeschäftigung kann deshalb nur für drei Monate zugestimmt werden. Nach Ablauf dieser Frist bitte ich um erneute Anfrage.

Heil Hitler!
gez.: Hermann Unger
Kreisleiter.

De Sekretär Müller hëlleft a sengem Dingst an och niewelâscht de Letzeburger, wo' en nëmme kann. Dat ass ze mâchen eso' lâng we' e Letzeburger Burgermeschter a letzeburgescht Personal do ass. Iewer am halwen August 1941 kreie mir en Amtsburgermeschter, e Pg aus dem Reich. Alles gët durchernè geheit. „Neuaufbau!" D'Amtsburgermeschterei plënnert an d'Villa Adler a stellt nei Schreiweren ân, am le'fste Spëtzeleit aus der VdB. De Müller muß oppassen, ma e schle't sech dach durch.

D'Afstëmmung vum 10. Oktober 1941 ass do. De Kreisleiter Venter kënnt extra op Woltz; Paroll: Deportatio'n no Polen. Den Amtsburgermeschter rifft d'Zieler a sét en, we'vill Auer et ass. Am Sall sëtzen och de' 6, de' è Joer derno Märtyrer gin.

Vum CdZ kënnt en dringlechen Telegramm: „. . . Wer entgegen den eindeutig klar liegenden Verhältnissen Eintragungen vornimmt oder unterläßt, begeht ein schweres Dienstvergehen und verliert sein Amt. Wahrscheinlich werden noch schwerere Strafen gegen bewußt falsche Ausfüllungen erfolgen."

Gudd, da gi mer! Ma mer weisen hinnen de Kapp. Des Ke'er kreie sie klore Wein ageschenkt. „Et ass net genug, datt mir Erze'er sin," sét de Lommel, „des Ke'er musse mir och Vollekserze'er sin."

De Müller frét am Gemengebüro e Scho'lmeschter: „We' stëmmt Dir?" — „Selbstverstänneg Letzeburger." — „Ech och," äntwert de Müller, „mir mussen zesummenhalen." En hëlt dem anere seng Hand,



drëckt se fest a kuckt e lâng . . . . seng An si ficht, mè e beißt op d'Zänn. De' zwe' Männer stonge sech nach nie me' no we' an dem Ament.

De nächste Muerge kënnt de neie preiseschen Amtsoberlehrer Blankenheim vu Woltz ganz opgerégt a rifft d'Scho'lmeschteren zesummen. Et kënnt eng politisch Ried mat Virwërf. „Vollständig sprachlos aber war ich, als ich gestern abend erfuhr, daß die Wiltzer Lehrerschaft das Haupt der Verschwörung sei." We' e sech eng halef Stonn geiergert huet, sét èn: „Wissen Sie schon, daß die Abstimmung abgeblasen ist?" — „Was, . . . . das ist nicht wahr!" — De Brück äntwert: „Doch, es ist wahr, und Luxemburg hat gesiegt." — „Deutschland wird nie kapitulieren. Die Sache ist eben verfrüht, sonst wäre sie schon geglückt." — „Wissen Sie," sét de Brück, „unser Land hat einen mächtigen Schutz, das ist die Muttergottes von Luxemburg!" De Preiß ass aus dem Suedel.

Geschwënn duerno gëtt e Weltzer Scho'lmeschter afgesât, e mecht de Prisong, de Kz an d'Dienstverpflichtung mat. 'T ass schlëmm, ma et rett him de Kapp.

An enger Dingstversammlung sét den Amtsoberlehrer, d'Preisen hätten de Sieg schon. E stöppelt, fir datt jidderè seng Menong soe soll. De Meiers gét drop ân ann äntwert, de Napoleon wär eso'guer zu Moskau gewiescht an en hätt dach net gewonn. Vun dem Dag un huet de Pg de Meiers um Strëch.

„Führers Geburtstag" kënnt den Ortsgruppeleiter de Müller direngelen, e mißt en Hakekreizfendel huelen. De Müller äntwert: „Ech hun nëmmen è Fendel, an ech kafe ken aneren."

Och de Worré ass net op der Kirmes. Hie gëtt vun enger Plâtz op de' aner geheit. Aus senger Banquefilial gët eng Spuerkés gemâcht, da kënnt hien als Recever an d'Gemeng, e kränkelt a muß am Fre'jor 1942 op Mondorf an d'Kur goen, me'ntlâng. Schließlech werfe se hien an d'Wirtschaftsamt am Schlaß. Well de Chef vun dém Büro Krankecongé huet, ass de Worré Chef-Remplassang, we' de Streik ausbrecht.

Am Fre'jor a Summer 1942 gëtt et bei der Scho'l Szenen o'ni Enn mam Amtsoberlehrer, hâptsächlech we'nt der Beflaggung an dem Antrëtt an d'NSV. „Wiltz ist die Zelle," sét en, „so wie Ihr macht, tut das Lehrpersonal der ganzen Umgegend." Ma d'„Zell" hält duer a gëtt sech net zum Landesverrot hier. Dagdeglech gëtt et politisch Szenen, de' de Preiß provoze'ert, ëmmer me' schlëmm. „Ich werde Euch ausradieren. In Kürze wird niemand oder wenigstens 4—5 von Euch nicht mehr hier sein," jeitzt en. Schließlech rifft en d'Le'erperso'nen zesummen a sét: „Von heute ab geht es anders. Ich kenne nur mehr

eines: Hitler und Großdeutschland. Ich nehme mir den Führer als Beispiel. Der schritt auch rücksichtslos über seine früheren Freunde hinweg."

An engem Bre'f, dien e bëßche me' spe't geschriw ass, sét de Blankenheim: „.... X fiel dem verderblichen (politischen) Einfluß der Wiltzer Lehrer zum Opfer." De Sabbath schreiwt vun dem „an der Wiltzer Schule herrschenden schlechten (politischen) Geist".

Enn Juni 1942 ass Kreistag zu Dikrich. D'Preise schreiwe vir, jidderè mißt 8 Deg lâng de Fendel aushenken. D'Woch gét ëm, ma d'Fendele weise sech net. D'Gielemännercher gi këddeleg. Den Amtsburgermeschter gëtt en Circulaire un all seng Beamten eraus:

„Der Amtsbürgermeister Wilz, den 27. Juni 1942.

„An alle Gefolgschaftsmitglieder
„der Amts- und Stadtverwaltung WILZ
„Herr Nikolaus Müller
„in WILZ, Adolf-Hitlerstraße
„(resp. Herr Michel Worre in Wilz).

„Betr.: Politische Haltung.

„Ich lehne es ab, bei jeder Gelegenheit die Gefolgschaftsmitglieder „zu einer bewußt deutschpolitischen Haltung zu ermahnen.

„Ich lasse jedoch auch keinen Zweifel darüber, daß die Haltung „der Gefolgschaftsmitglieder dauernd von mir überwacht und darüber „Buch geführt wird.

„Äußerlich kann diese Haltung nur danach beurteilt werden, ob „das betreffende Gefolgschaftsmitglied an den politischen Festtagen „ordnungsmäßig flaggt, ob es die Veranstaltungen pflichtgemäß besucht „und ob es auch darüber hinaus auf Anfrage bei der VdB mitarbeitet.

„Dabei will ich keinen zur politischen Heuchelei veranlassen, indem „man so tut, als ob man sich zum großdeutschen Reich bekenne. Jede „Heuchelei ist mir verhaßt. Diejenigen, die jedoch den besagten Ver-„pflichtungen nicht nachkommen, legen damit ausdrücklich Zeugnis „dessen ab, daß sie den großdeutschen Gedanken ablehnen und somit „Gegner unserer Staats- und Volksführung sind.

„Bei ihrer Einstellung in den Dienst haben alle Beamte, Angestellte „und Arbeiter sich zu einer deutschbewußten Haltung verpflichtet. Wer „dieser Verpflichtung nicht nachkommt, was er nur durch seine Haltung „beweisen kann, verstößt gegen das für die Beschäftigung bei einer „deutschen Behörde maßgebende Grundgesetz.

„Ein Entlassungsgrund ist in diesen Fällen wegen politischer Unzu-„verlässigkeit stets gegeben.



„Anderseits ist es genau so eine Feigheit bezw. Heuchelei, aus „Furcht vor dem Gerede der Nachbarn, seine deutsche Haltung nicht „öffentlich zu zeigen. Es ist dem Einen oder Andern wohl möglich, „durch eine vorgespielte deutsche Haltung eine Zeit lang sich drohender „Gefahr zu entziehen. Aber diejenigen, die sich bewußt durch Unter-„lassung ihres Bekenntnisses für das großdeutsche Reich und seinen „Führer Adolf Hitler bloßstellen, können versichert sein, daß sie eines „Tages doch das gerechte politische Schicksal treffen wird.

Heil Hitler!"

„Der Empfang dieses Briefes ist zu bestätigen."

An déer Zeit kënnt d'Kartei am Juli 1942. D'Scho'lmeschtere mussen se schreiwen. Den Amtsoberlehrer, den zu Eschweiler hëllefe soll, brëngt et fèrdeg, Sous-chef dervun zu Woltz ze gin. Hien ass hannert de Scho'lmeschteren we' è Schied. E wëllt sie force'eren ze schreiwen, de Letzeburger hir Sprôch wär deitsch. Sie schreiwen et net. Du le'ßt de Preiß d'SS komme, fir d'Scho'meschteren ze verhaften. Vun do un gebrauche sie en aneren Trick. Beim Punkt „Sprôch" soe sie: „Er Sprôch, ass de' deitsch?" Da gin d'Leit op, we' wa se Hief gefrieß hätten, an d'Scho'lmeschtere soen hèmlech: „Dir kënnt verlânge, mir solle „Letzeburgesch" derbei schreiwen." D'Leit verstin, an d'Sâch fonktione'ert. De Brück sét eso'guer zum Ortsgruppeleiter, hie kënnt och beifüge losse „Luxemburgisch". Dé refüse'ert natirlech. Den Ewen sét et och zu engem preisesche Franzo's, ma dén äntwert: „Mais ce ne sont que des provocateurs qui font cela." D'Scho'lmeschteren hun op hir ègen Ziedele geschriw we' jidderèn. Den Amtsoberlehrer ënnerstreicht dat deck mam ro'de Stëft a schreiwt derbei: „Beamter, Ermittler und Lehrer!" d. h. eso' deitschfeindlech schreiwt dese Staatsbeamten a Scho'lmeschter. Op dem Meiers sein Ziedel schreiwt en duerniewt nach eng Geheimnummer an è Geheimbustaf.

* * *

An dénen zwé Joer Terror si vun allerhand Seite Geheimberichter, politisch Beurdelungen, Uschmierereien agescheckt gin. Eis 6 Märtyrer stin op der schwârzer Lëscht. De Kubick huet 1941 seng Unhänger fein instrue'ert, en huet ent tadellost Spëtzelsystem opgericht. De Ko'p Papeiren am gro'ße Schaf vun der VdB zu Woltz gèt ëmmer me' deck. Zwe' Kèrelen hun d'Aufgab, dat „Personalamt" ze fe'eren. Dorann gin all Uschmierereie gesiemelt. Eng Copie gèt un d'Kreispersonalamt op Dikrich. Dat scheckt erëm Rapporen un d'Gestapo. Och den C. d. Z. siemelt eso' Donnéen. All 14 Dég mecht den Amtsoberlehrer e Bericht un den C. d. Z. Duerniewent huet d'Gestapo hir Privatspëtzelen. An

engem Wurt: „die Sache funktioniert." Am Mè 1942 mecht d'Gestapo è furchtbare Rappor iwer d'Weltzer Scho'lmeschteren, eng fangerdeck Mapp voll Ziedelen iwert jidderèn. Op all de' Rappore steipt d'Gestapo an d'Standgericht sech am Hierscht beim Streik. D'Wieder zickt sech zesummen, awer et mierkt én neischt dervun. Et félt nëmmen de' richtig Geléenhét fir zo'zegreifen.

De Streik brengt de Gielen an de Groen de' Occasio'n, no déer sie gesicht hun.

## De Streik

Fir Sonndes, den 30. August 1942, ass eng gro'ß politisch Ried vum Gauleiter zu Letzeburg ugekënnegt. An der Woch virdru gin d'Preisen aus der Partei zesummegeruff, d'Ortsgruppeleiter och. Sie kreie gesot, wat de Gauleiter wëlles huet. Durch Indiskretio'n gin d'Leit eng Parti vun déne Nouvelle gewuer. D'„Reichsgesetzblatt" brëngt d'Gesetz, vum preiseschen Innenminister ënnerschriw, durch dat Letzeburg, Elsaß a Lothringen ugeschloß gin.

D'Nouvell vun der Wehrpflicht dreiwt (grad we' 1798) d'Leit am mèschten an d'Lucht. Et he'ert èn nëmmen eng Stëmm a Woltz: Dat gèt ze weit, dat durfe mir eis net gefale lossen!

Et geseit è keng VdB-Spengele me'. D'Organisatio'ne schaffen. An en ëtlech Krèser, a verschidde Caféen, ënner Beamten, Arbechter, Geschäftsleit, bei Eltere vu gro'ße Jonge gët beschloß, als Protest ge'nt d'Wehrpflicht ze streiken. Freides kreien d'Scho'lmeschteren d'Paroll a gi gefrot, ob sie giffen hëllefen. Äntwert: Jo! De selwechten Dag sét de Müller op der Gemeng: „Wann d'Arbechter streike, losse mir se net eleng op der Stroß, da gi mir mat hinnen. Mir kreie jo wuel vill me' eng he'ch Strof we' sie, mé 't ass égal." Den neien deitsche Schulleiter Hartmann sét, d'Scho'lmeschtere sollen d'Spengel undin; sie mâchen et net.

Sonndes muerges huet d'Resistenzorganisatio'n Flugblieder ausgeheit, op déne sie zum Streik opfuerdert. D'Ziedele sin an der Belsch gedrëckt a Samschdes owes zu Woltz ukom.

Sonndes mëttes um 3 Auer gëtt vu Letzeburg op Woltz telephone'ert, wat de Gauleiter verkënnegt huet: Uschloß, deitsch Nationalite't, Wehrpflicht fir d'Jorgäng 1920—24.

Sonndes owes sét de Lommel zu denen anere Scho'lmeschteren: „Ent musse mir wëssen: Wa gestreikt gët, ersche'ßen d'Preisen eng



Parti vun eis. Nëmme mir musse weisen, datt mir net mat déne Verfügungen d'accord sin." Den Ewen sét: „Nie an nimmer gin ech mat de' Preisen an de Krich. Le'wer lossen ech mech an der Hemecht a fir meng Hemecht ersche'ßen."

Méndes muerges, den **31. August,** ass de **Generalstreik zu Woltz.** D'Arbechter, d'Beamten, d'Geschäftsleit, d'Handwierker, sie all sin solidarisch an halen duer. Et kann én also soen, datt d'ganz Uertschaft an der Grève ass.

Op der gro'sser Fabrik gin d'Arbechter um 7 Auer muerges net ân. Sie bleiwe virum Portal stoen. De Betriebsobmann alarme'ert d'Directio'n. De B. rifft d'SA aus der Fabrik zesummen. Trotz den Drèunge vun de Giele bouge'ren d'Arbechter net. Um 7 Auer muerges ass also de Streik zu Woltz, als e'schten am Land, Tatsâch. D'Bürobeamten mâchen et 'tselwecht. 710 Leit vun deser Fabrik sin an der Grève. Ge'nt 1/28 fänke se un hèmzegoen. Och d'Arbechter an d'Beamte vun dénen anere Fabriken a Betriber feieren. D'Handwierker schaffe net. D'Geschäftsleit mâchen d'Butiker net op a lossen d'Rollueden eraf.

D'Scho'lmeschtere sti virun der Scho'l; sie soen: „D'Fabriken an de' aner Betriber schaffe net. Mir wëllen net zreckstoen an hale keng Scho'l; mir bleiwen hei virun der Scho'l, mir schecken d'Kanner net hèm, ma mir gin och net mat hinnen ân." Sie halen nëmmen d'Kanner eso' vill we' me'glech vun der Stroß, datt kèn Ongleck soll gesche'en. De Meiers an den Ewen froen um Telephon Renseignementer un. Sie he'eren, datt Ettelbrek an Dikrich och feieren.

Op der Gemeng schaffe nëmmen d'Preisen an d'Pg. D'Letzeburger sti virun der Dir. De Müller kënnt bei se a frét: „Schafft Dir?" Äntwert: „Du geseis jo, wat mir wëlles sin ze mâchen." De Müller sét kûrz: „Da kommt!" Op der Stroß schle'ßen d'Beamte vum Arbeitsamt sech un. Zu enger Dosen gi se bei d'Jongescho'l. D'Scho'lmeschtere soen hinne, we' sie wëlles hun ze mâchen. Et sti scho vill Leit op der Schanz ze kucke, we' de' Sâch soll ausgoen.

Den Amtsburgermeschter fiert lues am Auto lâscht a bekuckt sech d'Sâch. Geschwënn derno kënnt en erëm; en huet de Schwartz bei sech sëtzen.

De Schulleiter kënnt vum Zug de Scho'lbierg erop a frét d'Scho'lmeschtere, wat nëmme lass wär. E krift keng Äntwert. Du gët e sech drun ze fle'wen; e sét, sie solle we'negstèns mat de Kanner agoen. Kè follegt ëm. E sét zu de Scho'lmeschteren, de' Sâch kënnt Folgen hun, sie giffen ob d'manst hir Plâtz verle'eren. D'Do'desstrof ernimmt en net. D'Scho'lmeschtere bleiwe fest. Ge'nt 10 Auer scheckt de Schulleiter

d'Kanner hèm, d'Scho'lmeschtere gin och, an domatt ass hirt Schecksal besigelt.

An déer Zeit sin d'Beamte vu Gemeng an Arbeitsamt bei d'Post gângen. Sie hätte gèr, wann de' och mat gingen. Duerno gi se an d'Schlaß bei d'Ernährungsamt. D'Madame W. gèt ân; gleich kommen d'Beamten eraus a schle'ßen sech un. E puer aner Leit gin och mat. „Mir musse fir eis Kanner suerge," sét de Müller, obschon hie kè Jong huet, die bei d'Zaldote muß. E Protestmarsch vun eppes 50 Perso'ne fänkt un. Se gin durch d'Gro'ßgâß, de Burrewé, d'Ettelbreckerstrôß, de Wâhl, d'Schlaßstrôß, lâscht Schlottesch-Schmëtt, op d'Lann, durch de We'nebierg, Weidingen, d'Brauereistrôß, d'Gâß, Uewerâneschbâch. Do gëtt emol gerascht. Et sin elo 150—200 Mann. D'Letzeburger Fraen a Mammen feieren ënnerwé d'Protestler un; sie klätschen an d'Hänn a ruffen: „Bravo! Vive Letzeburg! Vive Charlotte!" De Pg Marx ass ëmmer mam Velo hannendrun. Dohier wéß derno d'Gestapo genè Beschèd. No $^1/_2$ Stonn Rascht kënnt de Cortège, ongefe'er 250 Mann, durch Önnerâneschbâch erëm. Beim Café Pintsch kënnt d'preisesch Gendarmerie an dreiwt d'Protestler ausernèn. De' eng lafen d'Gâß erof, de' aner no Nèrtreg, de Rescht durch Aneschbâch.

An déer Zeit ass d'Gestapo an de Kreisleiter vun Dikrich aver-te'ert gin. Wien un déer Meldong Schold ass, wärt d'Gerîcht hoffentlech émol erausfannen. Wär de' ënnerbliwen, da krît d'Sâch kèn eso è bluddegen Ausgank.

D'Gestapo kënnt mam Auto bei d'Gendarmerie gerannt. De Kreisleiter ass ukomm. E jét mat engem Schupo an engem Gestapo an Zivil am Auto durch Woltz; de Chauffeur, F. vu Woltz, ass gudd kënneg a kennt d'Protestler. Op der Wanselerstrôß bege'ne sie dem Worré, die mat aneren erëmkënnt. De' âcht gin an eng Rei gestallt a kreien eng Proklamatio'n virgelies, datt sie bis mëttes 2 Auer d'Arbecht mussen opgeholl hun, soss giffe se standrechtlech erschoss. E vun en äntwert: „Wir protestieren gegen die Wehrpflicht." E puer gin an den Auto geworf an an de Keller vum neie Gemengenhaus (Villa De Muyser) agespârt.

Eng aner Parti vum Cortège sicht sech de Scho'lbierg erop der Polizei aus de Fe'ß ze mâchen. Do kënnt d'SA an Uniform, den Hemmerling un der Spëtzt. D'Jonge gi vun der SA zerschlo, lafe fort, gi vun den Zöllner, de' mam Revolver do stin, festgeholl an an de Prisong vun der Gendarmerie gefo'ert. D'SA marsche'ert bei d'Geschäft Sch., dat d'Dir gespârt huet, schle't d'Dir an, zerbumst d'Männer aus dem Haus a fe'ert s'an de Prisong. E bëssi duerno kënnt och de Müller an de Back. Virun der Gendarmerie sét én zu sengem Jong: „Bleiw



ëmmer e gudde Letzeburger!" De' eng vun de Gefângene gin am Gendarmeriesprisong ageliwert, de' aner am Keller vum neie Stâdthaus. De' zwo' Plâtze fëlle sech ëmmer me'.

En Auto mat engem Haut-parleur fiert bestänneg durch Woltz. E sét eng Proklamatio'n, bis 2 Auer mißt jidderèn erëm op senger Arbecht sin an d'Geschäfter mißten op sin, soss ke'men de' Schölleg virun é Sondergerîcht. „Gezeichnet Jakobs, Kreisleiter." Et hale bis en 50 Autoe vu Gielemännerchen a Gestapo am Lannepesch an an der Emge'gend. D'Gestapo vun Dikrich, Letzeburg, Esch an Tre'er ass hei. Sie léft doruechter ewe' besieß, fir de Streik ze ënnerdrecken an de' Schëlleg ze verhaften. De Kreisleiter wëllt en Detachement Militär vu Bâstnech komme losse, fir senger Sâch me' secher ze sin. Schließlech geseit en, datt d'Gendarmerie, d'Polizei, d'SS, d'Gestapo, d'SA vu Woltz an Emge'gend, d'Zollbeamten, d'Gielemännercher an d'Pg dach zu genug si fir mat hire Waffen de' harmlos Demonstrante Meschter ze gin.

Ge'nt $^1/_2$11 kommen d'Gendârmen d'Le'erperso'ne ruffen. Op der Gendarmerie kreie sie vun der Gestapo gesot: „Als Reichsbeamte müssen sie wissen, daß Dienstverweigerung im Kriege sofortiges Erschießen zur Folge hat." Sie gi gleich an dat neit Stâdthaus gefo'ert an am Keller agespârt. De ganzen Dag gin nach ëmmer Verhaftunge gemèt.

Am Gemengenhaus fenken d'Verhe'er un. All Zëmmere si mat Gestapo besat. Den Ieweschten huet den Titel „Oberkommissar", en aneren ass „Kriminalrat". Jidder Gefângene gët ènzel erdûrchgeholl. Am mèschte gët geridden op der Fro, wien den Ustëfter vum Streik, de „Rädelsführer" wär. D'Gestapo kritt neischt eraus. Sie fänkt un, d'Gefângen am Verhe'er ze zerschloen. Et gët Strèch mat der Fauscht op de Bauch an op d'Aremmuskelen, de' richtig gekniede gin. Den Ewen Joss kritt der, well e kènt Afzèchen dre't. Iwer dem Verhe'er an iwer de Strèch schreiwt d'Gestapo de Bericht an d'Ageständnisser. Bei ènzelnen dauert de Verhe'er mat de Schle' 1 bis $1^1/_2$ Stonnen.

D'Scho'lmeschtere kreie gesot: „Sie werden schon einsehen, was das Ihnen noch einbringen wird. Seien Sie froh, daß Sie nicht bei uns in Deutschland sind; da würden Sie sofort an die Mauer gestellt und erschossen." De Lommel erzielt dénen anere Gefângenen: „We' se mech siche ko'me, sote sie, ech kënnt menger Fra fir gudd Äddi soen; well ech gese'ch se net me' erëm." D'Gefângen he'eren, we' de Müller zur Gestapo sét: „Ich habe zu B. und J. gesagt: Als gute Luxemburger dürfen wir heute nicht arbeiten." Verschiddener, dorënner de Brück, kënnen nom Verhe'er hémgoen.

Virum Gemengenhaus frét den Ortsgruppeleiter de Kreisleiter, we' et stëmmt. De Kreisleiter brëllt: „Wie es stimmt? Ab 3 Uhr werden jede Stunde 10 Mann erschossen." Op de' Drèung hin gin de' mèscht Leit mëttes um 2 Auer erëm schaffen. Am Nomëtteg gin der nach ëmmer verhaft. Bei der Kellerdîr he'ren d'Gefângen am Stâdthaus, datt de Krings sét: „Jeder 10. Mann wird erschossen." D'Loft gët ëmmer me' déck. Zum Glëck suergt de K., dén och agespârt ass, fir e puer gudd Witzen, an dèt de Misär e bëssi vergießen.

Owes um 6 Auer gët eng Parti vun de Gefângenen hèmgeschéckt, de' aner an d'Gendarmerie gefo'ert. 21 si bestëmmt, fir als Geiselen eweggefo'ert ze gin. We' et schengt, hu Weltzer Gielemännercher gehollef, de' 21 eraussichen. De Gefângenen hir Frae kreien d'Erlâbnis, fir hire Männer Äddi ze soen. Et si schwe'er Momenter. D'Härz ass eso' déck; sie all hun dohém kleng Kanner, dénen d'Preisen de Papp wëllen huelen. Sie spiren, datt et vleicht en Äddi fir ëmmer ass. D'Frae wëllen en och Kléder oder Ießes brengen, ma de Friedrich aus der SA sét: „Der braucht keinen Hut mehr und braucht auch nichts zu essen." Fir d'Madame E. sét en: „Ich hätte nicht übel Lust, auch das Weib miteinzusperren."

Owes ge'nt 9 Auer gin de' 21 an è gro'ße Camion gelueden; ënnert hinne sin de Müller, Meiers, Lommel an Ewen. Iwertdém kënnt den Auto 'mam Haut-parleur; die sét, dës Männer wären als Geisele geholl, a wann d'Onro'en net giffen ophe'eren, giffen s'all erschoß. De schwe'er bewâchte Camion fiert fort. E Preiß sét de Gefângenen, all Schwätzen an Hannerzechkucke wär verbueden, beim manste Fluchtversuch ge'f recksichtslo's geschoß. E klengen Auto mat Gestapo fiert hannerum Camion.

We' se Woltz net me' gesin, sét de Lommel „am Wahl" lues zu denen aneren: „Wa mir vleicht net me' d'Gléck hun, erëmzekommen, dann hu mir iewer haut eise Kanner eng Le'er gin, de' sie warscheinlech nie vergießen." Den Ewen äntwert: „Mir brauchen eis net ze schummen, och wa mir net erëmkommen. Et ka goe, we' et wëllt; dat hei ass de' énzeg Me'glechkèt, fir de Preisen ze weisen, datt mir net d'accord sin."

Zu Ettelbrëck hält de Camion; 't ass schon deischter. Frae kreische, well hir Männer oder Jongen, ongefe'er 15 Mann vun Ettelbrëck an Dikrich, och als Gréviste vum 31. August verhaft sin an an den Auto gelued gin.

De Camion rullt op Letzeburg an dann direkt op Tre'er, wo' e ge'nt Halefnuecht passe'ert. De Méndeg ass ëm; 't war e lângen Dag,



desen 31. August! Et gèt virun op Hinzert. E schwe'ert Wieder ass am gâng. 'T rént, we' mat Emere geschott. Ge'nt 2 Auer rullt de Won durch de' gro'ß Pârt vun H i n z e r t.

## Kz

D'SS kënnt. Sie jeitzt a flucht, kommede'ert Laufschritt. Den Iwan huet Nuetsdingst. D'Sâche gin ofgeliwert. D'Männer musse sech plakeg ausdin, fir d'Visit vun engem Sanitäter ze passe'eren. Et ass kâl a nâß. De Preiß rennt è mat der Fauscht op de Mo, datt de Mann zesummegèt. De Lagerführer hält eng Ried, d'Gefânge solle sech fügen an net probe'ere fir fortzelafen, well bis elo wären all Dûrchgebrannt do't oder lieweg erëmbruecht gin.

Eis Leit gin an ent anert Zëmmer fir ze schlofen. 'T ass neischt fir sie prepare'ert. Sie léen sech op Stre'säck op de Buedem, enk unenèn a gebrauchen hir nâß Mäntel fir Decken. Am Zëmmer leie franse'sch a russesch Gefângener. Op émol gèt d'Dir op. Den „Iwan" an de Lagerkapo kontrolle'eren de' „Al". Sie fannen e Russ, dén de Calçong ugehal huet fir ze schlofen. Den Iwan rappt de Mann aus dem Bett, zerschle't en, heckt e mat der Fauscht widder de Kapp, rennt e mam Stiwel op de Bauch, ste'ßt e mam Kapp widder d'Eisegerims vum Bett, bis de Russ zesummebrecht a we' do't do leit. 'T ass eng onmënschlech Szén. De' nei Gefânge si platt; sie wësse net, datt den Iwan mat Absicht hinnen de' Malträte'erung virgefo'ert huet, fir hinnen et bâng ze mâchen. Da sét en zu de Neien, sie giffen all erschoß a gèt fort.

'T ass den anere Lagergefângene streng verbueden, mat dene Neien ze schwätzen, well de' sin als ganz gefe'erlech Kèrele beschriw gin. Virun der Zëmmerdir ass e Posten opgestallt.

Den Elste vum Zëmmer ass e Letzeburger. Hie sicht déne Neie Courage ze mâchen. „Abé," sét du de Meiers, „et ka komme wat wëllt, mir halen duer. Mir hu keng Gewierer fir ons ze wieren, ower mir hun e Gèscht, dé sech net be't. Mir huelen et, we' et kënnt, a wann et muss sin, stierwe mir als Helde fir ons Kanner an ons Hemecht." De' Männer op de Stre'säck iwerléen nach émol, ob sie gëscht richtig gemèt hun, a sie sin all enger Ménong: „Jo, eso' war et eis Flicht, an eso' hu mir musse réage'eren!" De Lommel schwätzt vu senger Fra, de' schwe'er härzkrank ass; e frét sech, we' sie dat iwerstoe soll. Jidderengem seng Gedanken sin dohém bei der Fra, bei de Kanner, bei der Mamm. Et gèt dem F. schlecht. De Lommel rècht em ent Stéck Bro't an e puer Stéck Zocker, de' seng Fra em matgin hât. Den Ewen

sét zum Sch. an zum F.: „Et ass einfach net me' gâng mat de Preisen. Sie musse mierken: Bis heihin an net weider! Mir wëlle keng Sklave gin, mir wëlle frei sin." De Lommel sét: „Bei mir ko'm et spontan. Wann ech dru geduecht hun, datt dé Simon et sollt fèrdeg brenge, fir eis Jongen ze huelen, da gongen d'Grujele mir aus." Eso' gèt de Rescht vun der Nuecht mat Schwätzen an Tîrmen ëm. Et ka kè schlofen.

Dënschdes muerges (den 1. September) gi s'um 5 Auer eraus-gepaff. Nom Appell musse sie d'Stre'säck ewegdroen. De' Nei hu kén Appetit, sie gin dénen aneren hirt Bro't an derno och d'Mëttegießen. Elo musse sie sech erëm plakeg ausdin an op en Dësch stoe fir d'Visit vum Sanitäter. De Kapo facht den Ewen, well dé sech net ganz aus-gedon huet: en huet nämlech de Brël opgehal. Sie kreien âl Zaldoten-uniformen als Prisongsgezei. De Coiffeur vum Lager schiert hinnen eng Streif Hoer vun der Akaul bis bei d'Stir glat eweg. Et ass hinne ver-bueden, mat den ale Gefângenen ze verke'eren.

Muerges um $^{1}/_{2}$10 fenken 3 Gestapo, de' komm sin, an d'SS Pammer a Max de Verhe'er un. Sie froen de' Weltzer Gefângen, we' se nëmmen eso' domm hätte kënne sin, fir Revolutio'n oder Streik matzemâchen an ob et e lèd wär. De Lommel äntwert: „Das wollte ich nicht. Bei mir handelte es sich um einen spontanen Protest gegen die Einführung der Wehrpflicht. Wir haben große Jungen zu Haus. Die sollen nicht in die Wehrmacht." De' aner Gefângen gin och gefrot, wuefir se gëscht net geschafft hätten. Sie äntweren: „Aus Protest gegen die Wehrpflicht." We' s'aus dem Verhe'er erëmkommen, ass eppes an hirem Bléck change'ert.

Nomëttes ge'nt 3 Auer gin 9 Gefânge mat hirer Nummer geruff, drënner de Müller, Meiers, Lommel an Ewen Joss. Sie kreien hir Sâchen an hir Zivilklèder zréck an d'Kopp ganz geschuer. D'SS sét, sie wäre frei a ke'men elo hèm, zwe'n Autoe vun der Gestapo giffe se mat hèm huelen. Dat ass natirlech nëmmen eng gro'ß Ligen, well dat Fûrchtbarst stét déne Männer bevir. E puer ale Gefângene fällt et op, datt d'SS an d'Gestapo sech eso' bosseg behuelen a mysteriös matenèn tuschelen.

A batterer Hëtzt stin de' 9 eng Stonn mam Gesîcht zur Mauer. Da gi s'an 2 Gestapoautoe gelued, de' op Letzeburg rullen. Bei der neier Bréck dre'nen d'Wén op Esch. De Müller ste'ßt sei Noper a weist mam Kapp, sie giffe jo net op Woltz fueren. Vun dém Ament u wësse sie, datt eng nei Schikan kënnt.

Et ass deischter, we' sie zu Esch ukommen. Sie gin an de Quarte'er vun der Gestapo, d'Villa Seligmann, gefo'ert; do musse sie $^{1}/_{2}$ Stonn wârden. Hei he'ere sie och fir d'e'scht dat be'st Wuert: Standgericht.



## Virum Standgericht

Dënschtes owes ge'nt 10 Auer transporte'eren d'Autoe sie bei dat alt Escher Stâdthaus, wo' d'Standgericht etable'ert ass. De' neng klam-men de' he'ch Trâp erop a kommen an d'Virzëmmer, dat voll Gestapo ass. Hei gesi sie och e puer Weltzer Gielemännercher, eso'guer an Uniform. D'Gefânge musse mam Gesîcht zur Mauer stoe, bis d'Rei u sie kënnt. Et dauert 4 Stonnen, îr de' lescht dru kommen. Zwe' Poli-ziste mat opgesatem Bajonett sti Wuecht hannenun hinnen. D'Gefânge sin dermoßen duschtereg, datt én de Courage huet, fir ze drenken ze froen. Sie kreien eng Caraff Wâsser an ent Glas. Giess hu se anner-halwen Dag neischt me'.

A we' geseit et an déer Zeit zu Woltz aus? Do verliewen d'Leit bâng Deg a Stonnen. D'SA mecht nach ëmmer Streifendengst. Sie stèt op der Gare, eso'dack we' en Zug ukënnt. Sie gèt de' sichen, de' nach festgeholl gin. Gestapo a Polizei zirkule'eren e puer Deg lâng durch d'Stroßen a wëlle jidderengem dûrch 7 Boxen an de Bauch kucken.

Dënschtes mëttes um 1 Auer ass Betriebsappell fir d'Gemenge-beamten. Eng Notiz iwert de Müller gèt do virgelies:

„Der Amtsbürgermeister

„NOTIZ

„1. Der Gemeindesekretär Nik. Müller aus Wilz hat an dem am „31. August 42 stattgefundenen Streik teilgenommen.

„Derselbe wurde als Geisel für das Verhalten der Gesamtgefolg-„schaft seitens des Behördenleiters, Amtsbürgermeister Schmitz, für die „Unterbringung in ein KZ-Lager freigegeben, d. h. es wurde keine „besondere Fürsprache von dem Behördenleiter für Müller eingelegt.

„B e g r ü n d u n g : Müller war der bestbesoldeste und älteste „Beamte bei der Amtsverwaltung. Als solcher hatte er auch in ganz „besonderer Weise die Verpflichtung, die anderen Gefolgschaftsmit-„glieder zur Innehaltung ihrer Pflichten anzuhalten. Er hat dies nicht „nur nicht getan, sondern vielmehr sich noch an der Arbeitsverweige-„rung und auch an dem Umzug, wenn auch nur streckenweise, betei-„ligt. Damit hat er seine politische Unzuverlässigkeit bewiesen.

„Auch bei anderen Gelegenheiten und auch bei seiner täglichen „Arbeit hat Müller bewiesen, daß er gegen das Deutschtum eingestellt „ist und wurde diese Einstellung durch sein g e s t r i g e s Verhalten „nur klarer herausgestellt.

„Es ist selbstverständlich, daß ein solcher Mann nicht Beamter „sein kann.

„Es wurde deshalb seine Dienstentlassung als Beamter beantragt.

„Ob er nach seiner KZ-Zeit noch als Angestellter bei der Amts-
„verwaltung weiter beschäftigt werden kann, wird von seinem Ver-
„halten abhängen.

„Daß Müller auch beruflich nicht das geleistet hat, was seiner
„Stellung entsprach, sei hier nebenbei bemerkt.

„Erteilten Büroanordnungen seitens des Amtsbürgermeisters
„Schmitz folgte er überhaupt nicht oder nur sehr schleppend nach
„wiederholten Ermahnungen und Erinnerungen.

Am 11. September 1942 beigefügt:

„2. Laut Standgericht ist Müller am Morgen des 2. September als
„Aufrührer des Streiks erschossen worden."

E Beamte vun der Gemeng kritt gekënnegt. D'Mânsleit (drënner de Worré) mussen eng Bo'ß vun 100 Mark, d'Fraleit eng vu 50 Mark berappen. D'Arbechter komme Méndes mëttes an d'Fabriken. Vun Dënschdes muerges un lèft erëm alles me' oder we'neger normal zu Woltz.

Méndes owes hun d'Preisen de Worré mat anere freigeloss. Dënschdes ass e we' all Beamten erëm um Büro. Um 1/212 krit en d'Uerder, um 3 Auer mißt en op der Gendarmerie sin, e soll sech undin a Geld an d'Tesch stiechen. Den Amtsburgermeschter frét beim Kreisleiter un, wat mam Worré lass wär; de Kreisleiter sét, e wëßt neischt. Owes ge'nt 7 Auer gët de Worré fortgefo'ert. Bei him am Auto sëtzen de P. an den H., de' als Zeie geruff sin. Et ass hinne verbuede, matenèn ze schwätzen. Den Auto rullt op Esch .... op d'Standgerîcht. Och de Schulleiter, den Ortsgruppeleiter mat sengen engste Matarbechter, de Wachtmeschter sin zu Esch.

De Worré kënnt als e'schte virun d'Standgerîcht. De gro'ße Sal ass eidel. Beim Rîchterdësch sëtzen: de Chef vun der Gestapo zu Letzeburg, Hartmann, zwe' Beisëtzer an de Procureur. Zwe' Poliziste mat opgesatem Bajonett fe'eren de Gefângenen an ann aus. Sie sti während der Sëtzung niewt em. Den Hiergank ass bei alle Verhandlungen zimlech gleich: De Gefângene gët erabruecht, e muss schwätzen, da gët e gefrot. Duerno kënnt én Zeien nom aneren. Als leschte schwätzt de Procureur. D'Gerîcht zit zech zréck, kënnt erëm a verkënnegt d'Urtel. De Gefângene gët eweggefo'ert.

Beim Worré trëtt den Amtsburgermeschter als Zeien op. De President wëllt dem Worré eng Ausried an de Mond léen: „Sie haben nicht gearbeitet?" — „Nein." — „Sie sind auf der Straße umhergegangen?" — „Ja." — „Sie wollten wohl frische Luft schöpfen?" — De Worré: „Nein, ich wollte mit protestieren!" Den Ugeklote gët zum Do'd verurdelt. D'Poliziste fe'eren en an de Keller vum Stâdthaus.

Als zwéte gët de Müller geruff. Zeien ass och den Amtsburgermeschter. D'Urtel hèscht: Do'desstrof. We' d'Polizisten de Müller erausbrengen, kuckt è vun de Gefângenen, de' zur Mauer gedre'nt stin, ëm a geseit a sengem Gesîcht, datt eppes Schlëmmes geschitt ass. De Verurdelte sét lues eppes, ma et verstèt én e net. E kënnt och an de Keller sëtzen.

Duerno komme 4 Gefânge vu Woltz an è vun Ettelbréck ènzel virun d'Standgerîcht. Si gin zu Kz. verurdelt („der Geheimen Staatspolizei überstellt"). We' s'an de Keller komme, stèt de Müller vun enger Këscht op a sét: „Wat hues du krit? Ech sin zum Do'd verurdelt." Am aneren deischteren Eck fänkt de Worré un ze schwätzen: „Ech och zum Do'd. Ma 't ass égal, mir woren onsem Land dat schëlleg."

Et si fûrchtbar Minutten. E puer vun dénen, de' mam Liewen dervu komm si, kreie Nervekrisen, we' se he'eren, datt der Do'd eso' no lâscht sie gong. Verschidde vun de preisesche Polizisten, de' Wuecht am Keller halen, luche fre'er zu Woltz. Sie lossen d'Gefângen am Keller matenè schwätzen. De Worré schreiwt en Ziedel fir seng Fra. E gët dem M. en, fir de Fall, datt dien hém ke'm. Ma de Preiß geseit et, rappt den Ziedel eweg an häckt dem M. e puer ëm d'Oeren. E Gefângene frét, we' de' Verurdelt erschoß ge'fen. De Polizist äntwert: „Von hinten, mit der Maschinenpistole." „Dat wär dat einfachst," sét de Worré, „an de Réck, da wëßte mir neischt dervun."

Als leścht kommen de' 3 Scho'lmeschtere Meiers, Lommel an Ewen um 2 Auer an der Nuecht matenè virun d'Gerîcht. Enzegen Zeien ass de Schulleiter Hartmann vu Woltz. E sicht de' Ugeklot ze retten. Schlißlech gët des Sâch ausgesat, bis d'Scho'lmeschtere vu Woltz all do sin.

Zwe' Gestapo mat Maschinepisto'le kommen an de Keller. Sie bannen de Müller an de Worré mat Handschellen unenèn, de Müller rechts, de Worré lenks. De Müller frét, fir an Appell ze goen; et gët refuse'ert. Da frét en: „Kann ich geistlichen Beistand und ein Blatt Papier haben, um das Testament sowie einen Brief an meine Frau zu schreiben?" De Preiß äntwert: „Das wird droben besorgt." Et kënnt è schwe're Moment: De' zum Do't Verurdelt soen de Kameroden Äddi. Sie drëcke sech d'Hänn a kësse sech. Da gin de' zwe'n d'Trâp op gefo'ert; hannendrun gèt de Gestapo mat der Maschinepisto'l. D'Kamerode kucken hinne no, eso' lâng sie se gesin; 't ass onhèmlech. „In 2 Stunden sind die tot," sét de Preiß zu dénen am Keller.

De Müller schreiwt e Bre'f u seng Leit dohém:

„Meine beste liebste K.!

„Mein lieber kleiner E., mein Goldsohn!

„Liebe Boma, Vater und Geschwister!

„Die Angelegenheit hat eine schlimme Wendung genommen. Herr „Worré und ich sind zusammen. Ihr wißt ja schon, was über uns „geurteilt wurde, trotzdem niemand dachte, daß dieses zu dieser „Verurteilung Anlaß gäbe. Ich habe trotzdem noch Hoffnung und bin „auch auf alles gefaßt. Den Mut verliere ich nicht. Nur ist es schrecklich, „wenn ich in der Fremde sterben soll, weit von meiner lieben Vater- „stadt Wiltz, die ich über alles liebe.

„Ich bereue nur auch aus dem Grunde, daß ich meiner lieben „Familie dieses große Leid zufügte und dieselbe in diesen Kummer „stieß. Doch, liebste K., sei mutig und stark. Auch das Leid kann dich „stark und mutig machen, wache über unsern E., erziehe ihn zu einem „guten, braven Menschen. E. muß stark bleiben und kann stets seinen „Vater als Vorbild behalten. Ich habe nie jemanden Leid getan, meine „größte Freude war, den andern zu helfen. Liebe K., sei gut gegen „deine Mutter, meinen Vater und Geschwister.

„Wenn du Schwierigkeiten hast wegen der Pension, so halte dich „an Herrn H. G., dieser wird dir alles besorgen; nur bedenke, daß ich „2 Posten vorhatte, die Gemeinde und die Wasserleitung, und daß du „Anrecht auf 2 Pensionen hast, falls mir etwas zustoßen sollte.

„Das Haus gehört dir allein, ich hatte kein Anrecht daran. Falls „du in Geldschwierigkeiten bist, wende dich an Herrn S., er wird dir „helfen, und sicher wird er auch dir behilflich sein betreff der Lehre „und des Studiums von E. Lasse E. studieren und halte ihn dazu an, er „muß es ja zu etwas bringen; diesen meinen Wunsch soll er stets im „Auge haben.

„Sollte etwas vorkommen, wird ja später die Sache geregelt, auch „hier kann Herr S. deine Interessen vertreten, was er auch gerne tun „wird. Grüße speziell Herrn S., sowie Frau T. und Familie H. Herr H. „wird alles tun, was für ihn möglich ist.

„Grüße alle Freunde und Bekannte.

„Meine liebe kleine K., du kannst nicht verstehen, wie ich an dich „und E. denke und wie ich mich kränke, Ihnen dieses schwere Los „unbewußt zugefügt zu haben.

„Ich hatte mir das Leben so schön nach dem Kriege vorgestellt. „K., mach alles, daß du nicht Not leidest. Herr S. oder Frau T. werden „dir sicher die erste Zeit beistehen.



„Ich weiß nicht, ob gegen die Verurteilung, die in Esch stattfindet, „etwas getan werden kann, es müßte höchstens ein Formfehler vor- „liegen. Herr S. könnte vielleicht seinen Advokaten fragen.

„Was die Kasse von dem Wasserleitungssyndikat anbelangt, ist „alles in Ordnung. Die Bücher und Titel sind im Kassenschrank. Herr „Bürgermeister Schmitz hat alle Schlüssel.

„Du kannst ja mit Frau W. sprechen. Bleibe stark. Ich bin es.

„Euer Gatte, Vater, Sohn und Bruder

Nikolaus."

„Wir beten und beten. Tut dasselbe. Die Hilfe kann nur von oben „kommen. Ich sterbe als guter Katholik. Ich habe einen Priester „gefragt, weiß jedoch nicht, ob dieses stattfindet."

De Worré schreiwt sein Äddi fir d'Familjen a seint Notizbuch bei d'Ment August-September-Oktober verstrèt, wârscheinlech, fir datt et net eso' opfale soll. De Müller reißt sei Nueschnappech an der Mëtt durech a gët dem Worré d'Halschecht, well die seint verluer huet.

D'Gestapo fe'ert de' zwe'n am Auto op Hinzert. De' Verurdelt si fest a fèrten d'Preisen net. E Gestapo, dé bei en ass, erzielt derno an der Villa Pauly: „Diese Luxemburger sind nicht klein zu kriegen. Über Worré hab ich mich geärgert. Nach der Verurteilung fragte ich ihn im Wagen: Was sagen Sie denn jetzt? Sie haben doch Frau und Kinder zu Haus! Darauf antwortete er: Die sind stolz auf mich. Und Müller zeigte dieselbe Haltung." Ge'nt 3 Auer an der Nuecht kënnt den Auto zu Hinzert un. De' 2 Männer gin an de Lagerprisong gespârt.

D'Plakaten iwert d'Ersche'ße vum Worré a Müller gin an der Dréckerei bestallt. Op dem e'schte Pro'fôfzug bleiwt d'Stonn vum Do't eidel. Duerno gët se mat engem klengen Ziedel „4.30 Uhr" iwerpecht. Dat kënnt och op de' aner Affische stoen. Iewer a Wirklechkèt gin de' 2 Männer ere'scht 14 Stonnen duerno erschoss.

Mëttwochs muerges fenken de' aner Kzler zu Hinzert un ze rode, wien de' 2 Ziviliste solle sin. Sie he'ren, et wären 2 Weltzer. De W. erdenkt e Kniff, fir bei se ze kommen. E sét, e mißt fir d'Bekledongs-kummer eng Commissio'n am Prisong mâchen. Do geseit en de Worré an de Müller, de' aus hirer Zell him e puer Wûrt zo'ruffen. E kann „Standgericht" an „zum Do't verurdelt" verstoen.

# BEKANNTMACHUNG!

Das Standgericht hat wegen Gefährdung des deutschen Aufbauwerkes in Luxemburg durch aufrührerischen Streik im Kriege folgende Personen zum Tode verurteilt:

**Michel Worre**, Wilz
Leiter des Wirtschaftsamtes

**Nikolaus Müller**, Wilz
Stadtsekretär

**Die Urteile wurden heute um 4.30 Uhr durch Erschiessen vollstreckt.**

Luxemburg, den 2. September 1942.

**Der Vorsitzer des Standgerichts.**



BEKANNTMACHUNG!

# DAS STANDGERICHT

hat wegen Gefährdung des deutschen Aufbauwerkes in Luxemburg durch aufrührerischen Streik im Kriege folgende Personen zum Tode verurteilt:

**KONS, Nikolaus Johann,** Postunterinspektor, Luxemburg
**MEIERS, Karl,** Lehrer, Wilz
**EWEN, Josef,** Lehrer, Wilz
**BRÜCK, Alfred,** Lehrer, Wilz
**LOMMEL, Cölestin,** Lehrer, Wilz
**WEETS, Alfons,** Dreher, Differdingen
**SCHNEIDER, Johann Peter,** Werkzeugschlosser, Differdingen
**TOUSSAINT, Ernst,** Tiefofenarbeiter, Differdingen
**BETZ, Nikolaus,** Werkzeugschlosser, [illegible]

**Die Urteile wurden heute um 4.30 Uhr durch Erschiessen vollstreckt.**

Luxemburg, den 3. September 1942.

**Der Vorsitzer des Standgerichts.**

# STANDRECHT
in
# LUXEMBURG

Nachdem auch in Luxemburg-Stadt Fälle von Streiks und Arbeitsverweigerung eingetreten sind, wird der zivile Ausnahmezustand für den Gesamtbereich des Chefs der Zivilverwaltung in Luxemburg verhängt.

Die Zuständigkeit des Standgerichts wird entsprechend erweitert.

**Todesurteile gegen Streikende werden sofort durch Erschiessen vollstreckt**

Luxemburg den 31 August 1942

Der Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg:
[illegible]



D'SS frée sech, datt sie geschwën hir Maschinepisto'le probe're können. De ganzen Dag tuschele se matenèn. Den Iwan affert seng Freizeit a rëckt mat engem „Arbeitskommando" vun deitschen an e'streicher Legionären mat Pioschen a Schëppen aus. An der Stèkaul am Tënnebësch 1 km uewt dem Lager werfe sie en zimlech lânge Gruew vun 1.50 m De'ft an 1 m Brét aus, D'Legionäre kreie gesot, et giffen der erschoss, ma sie dîrfen neischt soen. Iewer è vun e verzielt derno alles fir e Stéck Bro't. Op der Bekledongskummer gët âlt zerrassent Gezei an onbrauchbar Holzschung erausgesicht.

Desen Owend gët e'schter zu Nuecht gieß. Duerno mussen d'Kzler sech an hiren Zëmmeren oder an de Wëschraim mam Gesîcht zur Mauer stellen oder mam Kapp zu de Schief op de Buedem léen. All Fënsterluede mussen zo' sin. Enner Do'desstrof ass et verbueden auszekucken. Trotzdem huet de W. de Courage fir ze lûssen. E mecht sech mam Messer e klengt Lach an d'Dir a geseit de Müller an de Worré aus dem Lagerprisong kommen. Bei jidderengem gin 2 SS mat virgehalenem Revolver. Et ass Mëttwochs owes den 2. September, 10 Minutte vir 7. Eis Helden droen de Kapp he'ch. Sie kommen an déne bossegen Holzpantinen net gudd virun a gin a Rîchtung op d'Schreiwstuw zo'. Da gi s'op en Auto gelued. No 5 Minutten he'ren d'Gefângen et e puermol sche'ßen. Et ass 7 Auer owes. „Vive Letzeburg!" ruffen eis zwe'n Helde virum Do'd, we' den SS Reis spe'der agestèt. Geschwënn no 7 Auer kënnt de Lagerarzt SS Obersturmführer Hackethal vun Hermeskeil mam Lagerkommandant SS Obersturmführer Sporenberg dûrch den Haff. Sie gin an d'Reve'erbarack, wo' den Dokter den Do'deschein vun den 2 Weltzer schreiwe le'ßt an ënnerschreiwt. Duerno dûrfen d'Gefângen an den Zëmmere sech ëmdre'nen.

De' aner 7 Verurdelt kommen an en Auto a gi vun Esch an de Prisong am Gronn gefo'ert. Den Ewen sét lues zu sengem Brudder: „Ech mengen, eis Sâch stëmmt schlecht. Wann ech net me' hèmkommen, da gëf du op meng Jongen uecht." Sie wëllen nach matenè schwätzen, ma de Gestapo ste'ßt se e puermol mam Kollef an de Rëck.

Am Gronn musse sie sech an eng Rei stellen. No de Formalite'te gi s'an Zelle gespârt. De Prisong ass eso' voll, datt d'Wiechter de' Weltzer e puermol beienè stiechen. Eso' kënnt de Conrardy (erschoss Krëschdag 1944) mam Meiers an Ewen zesummen. De' 2 Scho'lmeschtere soen him: „E Glëck fir eis, datt de Blankenheim net als Zeie geruff war. De Schulleiter Hartmann huet gudd fir eis zu Esch geschwat." No e puer Stonne gët de Meiers bei den E. M. gesat. Sie erziele sech vum Standgerîcht. De Meiers sét, de Schulleiter hätt gudd fir sie geschwat: „Ech menge, mir behalen de Kapp; wann net, dann

bezeichnen; auch bin ich erst 14 Tage in Wiltz." De Schulleiter wëllt d'Scho'lmeschteren entschëllegen, ma de President ënnerbrecht: „Diese Rede haben Sie schon in Esch gehalten. Ich möchte jetzt nur Tatsachen hören." Den Zeien erzielt, we' et muerges bei der Scho'l gong, datt d'Scho'lmeschteren net agongen, obschon hie se opgefuerdert hätt, datt hien um Enn d'Kanner huet missen hèmschécken.

De Procureur declare'ert d'Scho'lmeschtere fir schëlleg, well durch de Streik, den offensichtlich zu Woltz organise'ert wär gin a scho seng Auswirkungen an der Belsch an am Frankreich gehât hätt, dem deitsche Staat ongeheier vill Schued hätte kënne gemèt gin, an datt sëcher d'Ugeklot dem C.d.Z. seng Verfügung vu fre'er kannt hätten, wuerno Sabotage ganz schwe'er bestroft ge'f. Duefir giff hie fir 4 d'Do'desstrof mat Anze'ung vun de Gidder a fir 2 Kz beantragen.

D'Gericht zitt sech zréck. Geschwënn duerno verkënnegt et d'Urtel: De Meiers, Lommel, Ewen a Brück sin zum Do'd verurdelt, hir Gidder gin agezun. De' Verurdelt stin do, oprecht an ongebrach we' richtig Letzeburger Helden. Et verzitt kèn eng Minn. „O meng Fra, meng arem Fra," sét de Lommel lues.

Da gi s'eweggefo'ert. Am Portal vum Gronn bege'ne sie anere Gefângenen. De' 4 zum Do'd Verurdelt si gebonn a gin erausgefo'ert. Iwertdém sét de Meiers: „Courage, an e sche'ne Bonjour dohém!" An de Brück kuckt fest a sét: „Courage!" Scho si se fort. Gefângen he'ren, datt è Gestapo sét: „Diesen Lommel kenne ich schon lange. Während zu Stalingrad die Unsern zu Tausenden fallen, wollen hier diese Luxemburger gegen uns aufstehen, uns in den Rücken fallen."

Vun der Villa Pauly aus telephone'ert d'Gestapo op Hinzert: „Es ist ein Transport Gefangener von Luxemburg nach Hinzert unterwegs. Die Verurteilten sind sofort nach Ankunft zu erschießen!"

An der Nuecht vum 2. op den 3. September komme s'op Hinzert an de Lagerprisong. Sie kreie knaschteg Hiemer an âl Prisongsmonturen un. Iewer se gin net Donneschdes muerges um 4.30 Auer erschoss, we' op de Plakate stèt, ma Donneschdes owes um 7 Auer.

E Ve'rel vir 7 fe'ert d'SS sie eraus. Fir datt si net fortlafe kënnen, sin hinne Stécker Holz lânscht d'Bé gebonn. D'Kzler stin erëm an de Bude mam Gesicht zur Mauer. De J., dén an Enzelhaft sëtzt, geseit zu enger Rëtz aus, we' de' Verurdelt lâscht gefo'ert gin. De M. mécht d'Lued vum Trockenraum e bëssi op a lûßt eraus. De Paschto'er K. stèt bei der Fënster, obschon et streng verbueden ass. E geseit, we' d'SS eng halef Dose Männer aus dem Bunker brengt a se op d'Garage zo' marsche'ren dèt. E gët vun der Fënster aus jidderengem vun eisen



Helden d'Absolutio'n. De' Verurdelt gi richt a courage'ert. Da geseit de K., we' eis Leit op è Camion geluede gin; niewent hinnen um Auto sin SS mat schossfèrdegem Gewier. De Camion fiert bei der Garage ëmt den Eck op Pöllert zo'. An de Bude gët gebied fir de' Letzeburger, de' stierwe sollen.

D'SS aus dem Lager fe'ert s'op d'Exekutio'nsplâtz. Den Obersturmführer Martin, den Oberscharführer Schaaf an den Unterscharführer Pammer hun ongefrot sech erbueden, „die Sache zu besorgen". De Schaaf (genannt „Iwan") ersche'ßt eis Helde mat der Maschinepisto'l an d'Hèrz. De' Verurdelt stierwen o'ni ze zécken als richtig Märtyrer. Den SS-Mann Fritz kann net me' nokucken. Hie refuse'ert fir nach emol matzegoen. Duerop mecht den Iwan de Spott mat him. D'Gefângen am Lager he'ren et sche'ssen a wëssen: Elo sin erëm Letzeburger fir hir Freihet verbludd.

D'Leiche gin an d'opgeworfe Massegraw gesto'ß a mat e bëssi Buedem zo'gedeckt. De Gruew bleiwt op, well de' aner Deg nach Affer nokomme sollen. We' d'SS erëm zreck an d'Lager kënnt, grëngelt den Iwan: „So, die hätten wir glücklich um die Ecke gebracht!" Trotzdem hun d'Bluddsëffer keng Satisfactio'n: heianddo verschwetzt de Kapo oder è vun der SS sech: Eis Leit sin hinnen zevill courage'ert an den Do'd gângen!

An der Stèkaul um Hinzert leien eis Märtyrer nach elo a wârden, datt d'Hemecht se hèmhëlt, fir hinnen am hellege Letzeburger Buedem de' lescht E'er ze erweisen.

Ufank März 1943 fënd de Letzeburger B. am Reve'er zu Hinzert am Niewenzëmmer vum Reve'er-SS en Dossier, op dém „Geheim" stèt. An der Mapp sin d'Do'desfische vun den 21 Eschossenen. Vu jidderengem ass et ent Blat mat de Personalien, dem Hënrichdungsdag an der stonn. „Todesursache: Herzstillstand durch Herzschuß."

Donneschdes muerges um 10 Auer hènkt d'SA zu Woltz d'Plakate vun den erschossene Scho'lmeschteren op. Hir Familjen liesen op den Affischen, datt sie kè Papp me' hun.

Den nächsten Dag kommen nach 5 Weltzer virun d'Standgericht. Sie gin „der Geheimen Staatspolizei überstellt" a kommen an d'Kz.

Den Amtsburgermeschter gët ofgesat, de Wachtmeschter strofversat. D'Gestapo opere'ert nach wochelâng zu Woltz. Sie richt sech e permanente Büro am Gemengenhaus ân. Vun Zeit zu Zeit mecht se Verhaftungen oder hält Verhe'er of. Par force wëllt sie erausfannen, wien den Ustëfter vum Streik ass. Sie fuerscht aus, op Sonndes um Sportsfeld zu Nidderwoltz neischt organise'ert gin ass, wien de' 2 Jonge waren, de' duer mam Rad ko'men, wat Sonndes an de Cafée geschwat

go'f, wien an de Wirtshaiser so'tz, wie Sonndes d'Nouvelle vu Letzeburg op Woltz telephone'ert huet, op eng Hellefsaktio'n agelèt ass, a. e. v. 16 Caféen gin zo'gemèt.

Am September krët d'Familje vun den Erschossenen d'Kleder, de Rank, de Brël an d'Sâchen aus den Täschen erëm. Dem Müller sei Bre'f an dem Worré sei Notizbuch sin derbei. D'Scho'lmeschtere krute kèn Äddi ze schreiwen. D'Familjen duerfe kè Bezugschein fir Trauerkleder kreien. E Mo'nt no den Ersche'ssunge gin d'Familjen ëmgesiddelt. Fir d'Famill Lommel wârden d'Preise, bis d'Fra, de' am Stierwe leit, do'd ass.

Den 11. Januar 1943 dèlt den C. d. Z. vu Letzeburg der Amtsburgermeschterei Woltz offiziell den Do'd vun dene 6 Männer mat. Den Amtsburgermeschter le'ßt den 22. Januar 1943 de Stierwakt an de Weltzer Zivilstandsregeschter aschreiwen. „Todesursache: Hinrichtung durch Erschießen." De selwechten Dag schëckt hien de Frae vun den Erschossenen eng „Sterbeurkunde" vun hirem Mann.

De' mèscht vun de Weltzer Gefângene kommen an de Kz an duerno op Lublin. Verschidde vun e gin zwo' Woche lâng, Dag fir Dag, vum Prisong an d'Villa Pauly gefo'ert, do geschlo, mat den Hänn opgehâng, fir datt se solle soen, wien de Streik organise'ert hätt. „Das rote Wiltz! Die Stadt der Bewegung!" brëllt de Gestapo. Ma de' Weltzer sin hârt: sie schwätzen nick.

Och de Kreisleiter mat senge Leit kritt neischt eraus. E sét zu engem: „Die Geschichte in Wiltz war überhaupt kein Streik. Das Hauptelement, die Tatsache des Aufruhrs, fehlte je ganz. Bei einem Streik müßten doch vor allem sämtliche Telephonverbindungen durchschnitten werden." E mierkt emol net, datt en domatt seng ège Wierder frësst. An dach gët e neischt gewuer. E kritt e „Wutanfall" eso' dack we' en dat Wuert „Wilz" nennen he'ert. Da setzt ën en „Ehrengericht" ân, dat Deg lâng zu Woltz Verhe'er ofhält: D'Resultat bleiwt negativ. Nach am Mè 1943 verhe'ert hie Beamten, de' beim Streik durch Zo'fal dervuko'men. E le'ßt zu Woltz frech an trotzeg Rieden iwert de Streik halen ..... a schließlech muss en 1943 an 1944 un der gro'ßer Zuel vu Letzeburger Refractären dach gesin, datt de' Weltzer beim spontane Streik vum 31. August 1942 Recht hâten.



C

Nr. 9

Wiltz den 22 Januar 1943

Der Stadtsekretär Nikolaus Müller katholisch

wohnhaft in Wiltz, Adolf Hitlerstrasse 62

ist am 2 September 1942 um 4 Uhr 30 Minuten verstorben.

Der Verstorbene war geboren am 7 Dezember 1898

in Wiltz

(Standesamt Wiltz Nr. 70/98)

Vater: Nikolaus Müller

Mutter: Katharina Müller geborene Jopa

Der Verstorbene war — ~~nicht~~ — verheiratet mit Klothilde Mathilde Müller geborene Metzer

Eingetragen auf ~~mündliche~~ — schriftliche Anzeige des Herrn Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg vom

~~D... Anzeigende~~ 11 Januar 1943 I Band.

~~Vorgelesen, genehmigt und unterschrieben~~

Der Standesbeamte

[signature]

Todesursache: Hinrichtung durch Erschiessen

Eheschließung des Verstorbenen am 3. 9. 1924 in Wiltz

(Standesamt Wiltz Nr. 15/24)

Nr. 10

C

Wilz, den 22 Januar 1943

Der Leiter des Wirtschaftsamtes Michel Worré katholisch

wohnhaft in Wilz Kautenbacherstrasse 3.

ist am 2 September 1942 um 4 Uhr 30 Minuten

in ——— verstorben.

Der Verstorbene war geboren am 22 April 1893

in Clausen Luxemburg

(Standesamt Luxemburg ——— Nr. 174/93

Vater: Johann Peter Worré

Mutter: Katharina Worré geborene Bieuwesch

Der Verstorbene war — ~~nicht~~ — verheiratet mit Maria Katharina Worré geborene Peters

Eingetragen auf ~~mündliche~~ — schriftliche Anzeige des Herrn Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg vom D. ~~Anzeigende~~ 11 Januar 1943. I Hand

~~Vorgelesen, genehmigt und~~ ~~unterschrieben~~

Der Standesbeamte

[signature]

Todesursache: Hinrichtung durch Erschiessen.

Eheschließung des Verstorbenen am 16.8.1920 in Luxemburg

(Standesamt Luxemburg ——— Nr. 174/20.



Nr. 11

C

Wilz, den 22 Januar 1943

Der Lehrer Josef Ewen katholisch

wohnhaft in Wilz, Gerstenfeld;

ist am 3 September 1942 um 4 Uhr 30 Minuten

in ——— verstorben.

Der Verstorbene war geboren am 1 Oktober 1900

in Wilz

(Standesamt Wilz ——— Nr. 62/1900).

Vater: Johann Peter Ewen

Mutter: Anna Ewen, geborene Loenertz

Der Verstorbene war — ~~nicht~~ — verheiratet mit Susanna Ewen geborene Huberty

Eingetragen auf ~~mündliche~~ — schriftliche Anzeige des Herrn Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg vom D. ~~Anzeigende~~ 11 Januar 1943. I. Hand

~~Vorgelesen, genehmigt und~~ ~~unterschrieben~~

Der Standesbeamte

[signature]

Todesursache: Hinrichtung durch Erschiessen.

Eheschließung des Verstorbenen am 7.10.1924 in Heiderscheid

(Standesamt Heiderscheid ——— Nr. 7/1924).

O/0259

Nr. 12. C

Wilz, den 22 Januar 1943

Der Lehrer Karl Meiers

katholisch,

wohnhaft in Wilz, Adolf-Hitlerstrasse 50,

ist am 3 September 1942 um 4 Uhr 30 Minuten

in ________ verstorben.

Der Verstorbene war geboren am 20 August 1886

in Bruch

(Standesamt Bowingen / Attert Nr. 26/86.)

Vater: Michel Meiers

Mutter: Christine Meiers geborene Merches

Der Verstorbene war — ~~nicht~~ — verheiratet mit Maria Meiers geborene Barnich.

Eingetragen auf ~~mündliche~~ — schriftliche Anzeige des Herrn Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg vom 11 Januar ~~D Anzeigende~~ 1943. I Hand.

Vorgelesen, genehmigt und unterschrieben

Der Standesbeamte

[signature]

Todesursache: Hinrichtung durch Erschiessen

Eheschließung de... Verstorbenen am ........ in ........

(Standesamt ........ Nr. ........)



Nr. 13 C

Wilz, den 22 Januar 1943

Der Lehrer Cölestin Lommel

katholisch,

wohnhaft in Wilz Adolf-Hitlerstrasse 34,

ist am 3 September 1942 um 4 Uhr 30 Minuten

in ________ verstorben.

Der Verstorbene war geboren am 28 Oktober 1890

in Nischen

(Standesamt Hobscheid Nr. 47/90)

Vater: Peter Lommel

Mutter: Margaretha Lommel geborene Zusch

Der Verstorbene war — ~~nicht~~ — verheiratet mit Katharina Lommel geborene Weyler, gestorben in Wilz am 4 Oktober 1942.

Eingetragen auf ~~mündliche~~ — schriftliche Anzeige des Herrn Landrat, lesers Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg vom 11 Januar 1943 I Hand ~~D Anzeigende~~

Vorgelesen, genehmigt und unterschrieben

Der Standesbeamte

[signature]

Todesursache: Hinrichtung durch Erschiessen

Eheschließung des Verstorbenen am 17 9 1919 in Alburn

(Standesamt Bech Nr. 5/1919.)

Nr. 14 — C

Wilz, den 22 Januar 1943

D Lehrer Alfred Brück

katholisch

wohnhaft in Wilz Adolf-Hitlerstrasse 26,

ist am 3 September 1942 um 4 Uhr 30 Minuten

~~In~~ verstorben.

D.er Verstorbene war geboren am 28 November 1896

in Epernay / Frankreich

(Standesamt Nr.)

Vater: Markus Brück

Mutter: Maria Brück geborene Streveler

D.er Verstorbene war — ~~nicht~~ — verheiratet mit Henriette Katharina Brück geborene Georges

Eingetragen auf ~~mündliche~~ — schriftliche Anzeige des Herrn Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg vom ~~D Anzeigende~~ 11 Januar 1943 I Stand.

~~Vorgelesen, genehmigt und~~ ~~unterschrieben~~

Der Standesbeamte

[signature]

Todesursache: Hinrichtung durch Erschiessen

Eheschließung des Verstorbenen am 27.10.1922 in Befort

(Standesamt Befort (jetzt Echternach) Nr. 13/22.)



E preisesche Redakteur vum „Escher Tageblatt", dé Beisetzer um Standgerîcht war, sét eng Zeitchen duerno: „Diese Männer sind gestorben als wahre Märtyrer für eine Idee. Sie sind nicht nur Helden. Pometta, der Dollfuß erschoß, starb auch als Held, denn er legte bei seiner Hinrichtung sich den Strick um den Hals und rief: Heil Hitler! Im Grunde genommen, war er doch ein Mörder, der als Held starb. Diese Leute aber sahen mit Ruhe dem Tod entgegen und starben als Märtyrer für ihre Idee."

* * *

D'Affer vun eise Märtyrer ass net ëmsoss.

Sie hâte fir d'e'scht de Courage, fir ze weisen, datt d'Letzeburger net ëmmer op sech trëppele lossen an datt sie fir d'Freihèt vun der Hemecht hirt Liewen asetzen.

Eise Märtyrer hu mir ze verdanken, datt net och nach de' éler Joergäng an d'Wehrmacht agezu go'fen.

Hirt Verdëngst ass et och, datt de Nuem Letzeburg am Ausland d'Symbol vum Widderstand ge'nt den Terror go'f. Eis Helden hun dem klenge Land den internationale Respekt verschâft.

Hiren Do'd bleiwt fir eis eng helleg Erënnerung un eis Flicht.